



N°6618
Entrée le 05.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.08.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Justiz weiderzeleeden.

A menge parlamentaresche Froen n°4931 an 5371 wollt ech Informatiounen an Zuelematerial zur Hospitaliséierung vu Persoune mat mentale Problemer kréien. D'Äntwerte vun der Ministesch weisen, dass wéineg ëffentlech Informatioun zum Fonctionnement an de Psychiatrien existéieren. Dëst mécht et schwéier, fir vu baussen novollzéien ze kënnen, ob ëmmer am Interessi vun de Patiente gehandelt gëtt. Mengen Informatiounen no, kritt awer ënnert Anerem den Ombudsmann Zuelen an Informatiounen, zum Beispill doriwwer, wéi vill Patienten an den zouenen Anstalten ugestréckt, zwangsmedikamentéiert oder isoléiert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Op meng Fro n°5371 zu der Publikatioun vun den triennale Rapporten, déi d'Gesondheitsministesche der Chamber muss virleeën, huet d'Ministesche zouginn, dass bis elo kee Rapport geschriwwen gouf.

Den Gesondheitsministère wäert an deem Sënn d'Commissions de surveillance des établissements psychiatriques mandatéieren hier Aarbechten sou séier wéi méiglech nees opzehuelen fir datt d'Chamber zäitno en aktuellen Rapport kann presentéiert kréien.

1. Sinn d'Aarbechte schon amgaangen?
2. Wéini rechen d'Ministesche, dass d'Rapporte wäerte presentéiert ginn?
2. An der Äntwert op d'Fro 4931 schreift d'Ministesche, dass 2 Kommissiounen existéieren, déi periodesch analyséieren, ob ee Placement berechtigt ass oder ob d'Person muss entlooss ginn. Dës 2 Kommissiounen sinn am Gesetz vun 2009 virgesinn.
 - Wéi oft sinn dës Kommissiounen an de leschten 3 Joer zesummekomm (opgeléicht no Datum)?
 - A wéi ville Fäll hunn dës Kommissiounen entscheet, dass ee Placement net berechtigt war?



www.piraten.lu

3. Den Artikel 44 vum Gesetz vun 2009 beschreift d'Fäll, an deenen d'*Contention* zum Asaz kommen dierf. De *Comité européen pour la prévention de la torture et des peines ou traitements inhumains ou dégradants* (CPT) mécht réigelméisseg Rapporten iwwert d'Bedingungen a Prisongen. An engem Rapport vun 2017 a Spuenien schreift de CPT:

Le CPT est particulièrement préoccupé par le recours continu à la contention mécanique des détenus (sujeción mecánica). Les détenus sont encore attachés à un lit pour des périodes prolongées sans surveillance appropriée, ni mention de la mesure dans un registre.

1. Wéi vill Leit goufen an deene vergaangenen 3 Joer géint hire Wëllen ugestréckt? Wou sinn dës Fäll gespäichert?
 2. Stellt d'Ustrécke vun engem Patient ee medezineschen Akt duer?
 3. Madamm Justizministes, goufe vum Parquet an de Psychiatrië schonns Enquête betreffend der Contention gemaach?
4. An der Äntwert op meng Fro n°4931 war der Gesondheitsministes net bekannt, dass Patiente Medikamenter géint hire Wëlle verofreecht kréien. Kann d'Ministes ausschléissen, dass nach kee Patient, zënter Aféierung vum Gesetz vun 2009, Medikamenter géint säi Wëlle verofreecht krut? Falls jo, mat wéi enge Garantien? Falls net, wéi gedenkt si deem Rechnung ze droen?
5. Am Artikel 3 vum Gesetz vun 2009 gëtt d'Zwangsinternéierung als Moosnam beschriwwen, déi zum Ziil de Schutz vun der Persoun viru sech selwer an hiere Matmënschen huet. D'Zwangsplazéierung ass eng drastesch Moosnam, déi d'Grondrechter vun enger Persoun immens beschneit. D'Folge vun esou enger Internéierung kënnen, wéi eng Prisongsstrof, verheerend sinn. D'Proportionalitéit vun dëser Moosnam muss dofir **ëmmer** gewährleescht sinn.
1. Wéi eng Moosname ginn an de Psychiatrië geholl, fir sécherzestellen, dass keng Persoun falsch placéiert gëtt an zwangsplacéiert bleift?
 2. Hunn d'Patiente bei hirer Aweisung d'Recht op eng Konterexpertise vun engem Medezinner vun hirem Choix an d'Méiglechkeet, fir direkt kënnen een Affekot vun hirem Choix ze besichen?
6. Hunn d'Patienten, déi placéiert sinn, ee Recht, fir sech eng Zäit dierfen dobaussen an der frëscher Loft opzehalen? Ass dësen Accès an allen Psychiatrië séchergestallt? Wat gëtt gemaach, fir dass d'Leit individuell an a Rou an Dignitéit kënnen erausgoen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député





Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch an vun der Madamm Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6618 vum 5. August 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

1. Op meng Fro n°5371 zu der Publikatioun vun den triennale Rapporten, déi d'Gesondheetsministesch der Chamber muss virleeën, huet d'Ministesch zouginn, dass bis elo kee Rapport geschriwwe gouf.

Den Gesondheetsministère wäert an deem Sënn d'Commissions de surveillance des établissements psychiatriques mandatéieren hier Aarbechten sou séier wéi méiglech nees opzehuelen fir datt d'Chamber zäitno en aktuellen Rapport kann presentéiert kréien.

1. Sinn d'Aarbechte schonn amgaangen?

2. Wéini rechent d'Ministesch, dass d'Rapporte wäerte presentéiert ginn?

Des Aarbechten hunn erëm ugefangen an d'Commissioun huet all déi a Fro kommend Etablissementer besicht. Aktuell ass d'Commissioun amgaang Donnéeën ze sammelen an den Rapport ze schreiwen. Dono gëtt d'Commissioun hiren Rapport un den Gesondheetsministere zréck, deen dann en Charge ass den Rapport ze schreiwen deen an der Chamber déposéiert gëtt.

2. An der Äntwert op d'Fro 4931 schreift d'Ministesch, dass 2 Kommissiounen existéieren, déi periodesch analyséieren, ob ee Placement berechtigt ass oder ob d'Persoun muss entlooss ginn. Dës 2 Kommissiounen sinn am Gesetz vun 2009 virgesinn.

Wéi oft sinn dës Kommissiounen an de leschten 3 Joer zesummekomm (opgeléicht no Datum)?
A wéi ville Fäll hunn dës Kommissiounen entscheet, dass ee Placement net berechtigt war?

Wat déi sougenannten "Commission spéciale chargée de l'exécution des décisions judiciaires de placement" ubelaangt, déi zoustänneg ass wann eng Persoun op Uerder vun enger Geriichtsdecisioun op Basis vum Artikel 71 vum Code pénal als onzourechnungsfähig erkläert a placéiert gouf, enthält de folgenden Tableau déi gefroten Informatiounen:

<u>Date</u>	<u>Nombre de dossiers traités</u>	<u>Décisions</u>
25.09.2019	17	Maintien du placement: 1 Sorties accompagnées: 3 Sorties seules: 8 Congé à l'essai: 4 Levée du placement: 1
23.10.2019	6	Maintien du placement: 1 Sorties accompagnées: 3 Congé à l'essai: 2



22.11.2019	2	Sorties accompagnées: 1 Congé à l'essai: 1
11.12.2019	7	Maintien du placement: 2 Sorties accompagnées: 1 Sorties seules: 2 Levée du placement: 1
22.01.2020	9	Sorties accompagnées: 2 Sorties seules: 3 Congé à l'essai: 4
26.02.2020	4	Sorties accompagnées: 2 Sorties seules: 2
25.03.2020	6	Sorties accompagnées: 1 Sorties seules: 1 Congé à l'essai: 4
29.04.2020	1	Sorties accompagnées: 1
27.05.2020	5	Maintien du placement: 2 Sorties seules: 2 Congé à l'essai: 1
24.06.2020	7	Sorties accompagnées: 3 Congé à l'essai: 3 Levée du placement: 1
15.07.2020	6	Maintien du placement: 2 Sorties seules: 1 Congé à l'essai: 1 Levée du placement: 1
23.09.2020	16	Maintien du placement: 1



		Sorties accompagnées: 2 Sorties seules: 6 Congé à l'essai: 6 Levée du placement: 1
28.10.2020	5	Sorties seules: 2 Levée du placement: 3
02.12.2020	5	Maintien du placement: 1 Sorties accompagnées: 3 Sorties seules: 8 Congé à l'essai: 1
13.01.2021	5	Maintien du placement: 1 Sorties accompagnées: 1 Sorties seules: 1 Congé à l'essai: 2
24.02.2021	10	Sorties accompagnées: 4 Sorties seules: 1 Congé à l'essai: 5
31.03.2021	2	Sorties seules: 2
05.05.2021	8	Maintien du placement: 1 Sorties accompagnées: 4 Sorties seules: 3
16.06.2021	8	Sorties accompagnées: 2 Congé à l'essai: 5 Levée du placement: 1
14.07.2021	5	Sorties accompagnées: 2 Sorties seules: 1



		Congé à l'essai: 3
22.09.2021	15	Sorties seules: 7 Congé à l'essai: 7 Levée du placement: 1
27.10.2021	4	Sorties seules: 2 Congé à l'essai: 2
01.12.2021	3	Sorties seules: 1 Congé à l'essai: 2
05.01.2022	6	Sorties seules: 2 Congé à l'essai: 3 Levée du placement: 1
09.02.2022	8	Sorties accompagnées: 1 Sorties seules: 2 Congé à l'essai: 5
16.03.2022	1	Sorties seules: 1
27.04.2022	3	Sorties seules: 2 Congé à l'essai: 1
08.06.2022	6	Sorties accompagnées: 1 Congé à l'essai: 5
13.07.2022	12	Maintien du placement: 2 Sorties accompagnées: 4 Sorties seules: 4 Congé à l'essai: 2



Wat déi aner Kommissioun, déi am Artikel 29 vum Gesetz vum 10. Dezember 2009 virgesinn ass, déi fir all déi aner Fäll vu Placementer zoustänneg ass (z.B. e Placement dee vum Tuteur vun der Persoun ugefrot ginn ass) ubelaangt, huet sech dës Kommissioun op folgenden Deeg versammelt:

- 8. Mäerz 2019
- 12. Juli 2019
- 11. September 2019
- 15. November 2019
- 28. Februar 2020
- 17. Abrëll 2020
- 10. Juli 2020
- 18. September 2020
- 15. Januar 2021
- 19. Mäerz 2021
- 28. Mee 2021
- 24. September 2021
- 17. Dezember 2021
- 11. Februar 2022
- 29. Abrëll 2022
- 17. Juni 2022
- 9. September 2022

All Sëtzung ginn en Moyenne 6 Dossiere behandelt. An all Fall ass bis elo de Placement confirméiert ginn, wat awer net verhënnert, dass den Dokter dem Patient Ausgangsméiglechkeete accordéiert oder souguer de Placement ophieft ouni Avis vun der Kommissioun.

3. Den Artikel 44 vum Gesetz vum 2009 beschreift d'Fäll, an deenen d'Contention zum Asaz kommen dierf. De Comité européen pour la prévention de la torture et des peines ou traitements inhumains ou dégradants (CPT) mécht réigelméisseg Rapporten iwwert d'Bedingungen a Prisongen. An engem Rapport vun 2017 a Spuenien schreift de CPT:

Le CPT est particulièrement préoccupé par le recours continu à la contention mécanique des détenus (sujeción mecánica). Les détenus sont encore attachés à un lit pour des périodes prolongées sans surveillance appropriée, ni mention de la mesure dans un registre.

1. Wéi vill Leit goufen an deene vergaangenen 3 Joer géint hire Wëllen ugestréckt? Wou sinn dës Fäll gespäichert?

Donnéeën betreffend d'Contentiounen zu Lëtzebuerg gi net zentral erfaasst. D'Kommissioun huet béi hiren Visiten vun den Etablissementer an den eenzelen Haiser nogefrot fir déi Donnéeën ze kréien fir eng zentral Opstellung ze man an e Rapport ze schreiwen.

2. Stellt d'Ustrécke vun engem Patient ee medezineschen Akt duer?

Laut der Version coordonnée vum 1. Juli 2022 vun der nomenclature des actes et services des médecins et Tarifs applicables ass d'Ustrécken keen medezineschen Akt.



3. Madamm Justizministes, goufe vum Parquet an de Psychiatrië schonns Enquêtë betreffend der Contention gemaach?

Et goufe vun de Parquete Lëtzebuerg an Dikrech nach keng Enquêtë betreffend der Contentioun gemaach.

4. An der Äntwert op meng Fro n°4931 war der Gesondheitsministes net bekannt, dass Patiente Medikamenter géint hire Wëlle verofreecht kréien. Kann d'Ministes ausschléissen, dass nach kee Patient, zënter Aféierung vum Gesetz vun 2009, Medikamenter géint säi Wëlle verofreecht krut?

Falls jo, mat wéi enge Garantien? Falls net, wéi gedenkt si deem Rechnung ze droen?

Dem Gesondheitsministère sinn nach keng esou Fäll signaléiert ginn.

5. Am Artikel 3 vum Gesetz vun 2009 gëtt d'Zwangsinternéierung als Moosnam beschriwwen, déi zum Ziil de Schutz vun der Persoun viru sech selwer an hieer Matmënschen huet. D'Zwangsplazéierung ass eng drastesch Moosnam, déi d'Grondrechter vun enger Persoun immens beschneit. D'Folge vun esou enger Internéierung kënnen, wéi eng Prisongsstrof, verheerend sinn. D'Proportionalitéit vun dëser Moosnam muss dofir **ëmmer** gewährleescht sinn.

1. Wéi eng Moosname ginn an de Psychiatrië geholl, fir sécherzestellen, dass keng Persoun falsch placéiert gëtt an zwangsplacéiert bleift?

Iert déi concernéiert Persoun zwangsplacéiert gëtt, gesäit se ëmmer en Psychiater deen selwer net an der Unitéit schafft. De Psychiater hunn dann de Choix iwwert eng Zwangsplazéierung ze accordéieren oder Persoun erëm heem ze schécken

2. Hunn d'Patiente bei hirer Aweisung d'Recht op eng Konterexpertise vun engem Medezinner vun hirem Choix an d'Méiglechkeet, fir direkt kënnen een Affekot vun hirem Choix ze besichen?

Eng Konterexpertise vun engem aneren Medeziner ass net virgesinn. Selbstverständlech huet den Patient en Affekot vun sengem Choix kréien an deem à tout moment schreiwen

6. Hunn d'Patienten, déi placéiert sinn, ee Recht, fir sech eng Zäit dierfen dobaussen an der frëscher Loft opzehalen? Ass dësen Accès an allen Psychiaterin séchergestallt?

Wat gëtt gemaach, fir dass d'Leit individuell an a Rou an Dignitéit kënnen erausgoen?

All Patienten kënnen sech an der frëscher Loft ophalen. Ausnam sinn Leit déi net dozou fäeg sinn, zB no engem Selbstmordversuch. An deem Fall gëtt et dann eng Observation an wann dem Patient säi Psychiater awer der Meenung ass dass déi Persoun erausgoen kann dann dierf si dat och.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022

D'Gesondheitsministes

(s.) Paulette Lenert